
## d'Peffermillen

Ennert der Féierung vu chrëschtdemokrateschen (!) Deputéierte huet dat holläneescht Parlament dem Südafrikanesche Rassismus de Krich ugekënnegt. Schon am November 1979 huet ët sech fir e Petrols-boykott vu Südafrika ausgeschwaacht an elo am Juli 1980 wor et drop an drun, di chrëschtdemokra-tesch-rietsliberal Regierung Van Agt ze stierzen, di vun sou engem Boykott eleng duerch d'Nieder-lande näischt wëllt wëssen. Si konnt sech vrun der égener Partei nëmmen doduerch retten,daß se versprach huet, mat Belgien, Lëtzebuerg a Skandinavesche Länner iwert e Südafrika-Boykott ze schwetzen. Doriweraus soll de Visum nees agefouert a d'Kulturofkomme mat Südafrika gekënnegt gin. De Koschter as vierwëzeg gewuer ze gin, wat di lëtzebuergesch Regierung äntwert, wann den holläne-schen Außenminister se invitéiert un engem Boykott matzeman. Lëtzebuerg ka jo wuel kaum "ophale", Südafrika Petrol ze liweren, mä op séng Flugverbindunge verzichten as ouni Problem méiglech!

m.p.

De Koschter félicitéiert all séng Lieser, di um UNICEF-Concours matgemaacht haten, deen hei an der Nr. 39 vum Groupe de Morale Laique aus dem Kolléisch lancéiert gi wor. De Koschter as frou, daß och ënnert de Gewënner sénger Lieser ze fanne sin: 1. Präis: Jhemp Mertes (23 J.), 2. Präis: Alain Kohll (13 J.), 3. Präis: Léa Schemberger (32 J.); weider Gewënner: J.-Marc Cloos, Guy Dhur, Sonja Hilbert, Mady Mondot, Joseph Peschon, Michel Peschon, Pascal Schemberger, Germaine Schintgen.

## Forum Humorum




*Mei, i woaß ehrlich net, wer do d'r Schönere wär'?*

Haltzinger/
Augsb. Allg.

in: P-F 14/78